MUSIKANTEN

D’Vullen hunn net nëmmen de Loftraum eruewert, mee mat hirem Gesang och d’Häerzer vu villen Naturfrënn. Bei de Sangvulle ginn d’Téin duerch d’Schwéngunge vun der Loft an der Syrinx produzéiert. D’Syrinx sëtzt um Enn vun de Luftrören, do, wou déi zwou Bronchie sech deelen. Doduerch, datt d’Muskelen zesummegezu ginn, verännert sech d’Form vun der Syrinx an et entsti verschidden Téin. Verschidde Vullen, wéi d’Spréif (Sturnus vulgaris) an de Leierschwanz (Menura novaehollandiae) kënnen net nëmmen d’Stëmm vun anere Vullen nomaachen, mee och allméiglech aner Geräischer (zum Beispill, Schellen a Sireenen).

Mee och Vullen, déi net zu de Sangvulle gehéieren, kënne verschidden Téin produzéieren. Spiechten hummeren un huele Bamstämm, fir e Partner unzelackelen. D’Klappere vum Wäisse Storch (Ciconia ciconia) sengem Schniewel erfëllt dee selwechten Zweck. Beim Balze loosse sech Bekassinnen (Gallinago gallinago) mam Schwanz auserneen no ënne falen. Beim Kontakt mat de Fiedere produzéiert d’Loft e Geräisch, dat un d’Meckere vu Geessen erënnert.

Source texte: Musée national d’histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.